Question élargie n°43
Reçue le 12.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude Wiseler
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12te Juni 2025

**Question élargie zum Prinzip vun der Gewerkschaftsfräiheet**

Här President,

heimadder wëll ech dem Minister fir den Ëffentlechen Déngscht eng Question élargie stellen, esou wéi den Artikel 82 vun eisem Chambersreglement et virgesäit.

Als Politiker si mir et gewinnt datt Personalvertriedungen vum Staat bei eis virstelleg ginn. An den CGFP-Wahlpréifsteng huet eng Regierungspartei sech zum Prinzip vun der Gewerkschaftsfräiheet bekannt an versprach, dass dës "*net nëmmen e staatlecht Lëppenbekenntnis ass, mä och am Alldag gelieft gëtt a net duerch d'Hannerdier ënnergruewe gëtt.*"

Dofir si mir besonnesch erstaunt iwwert folgend Aussoen vum Regierungsvertrieder virum Verwaltungsgeriicht:

> **"C'est à ce niveau local que la mission de la représentation du personnel s'arrête et prend fin."**
>
> **"L'[association professionnelle reconnue comme représentative] n'a pas à exprimer d'opposition au projet de loi [...]. Les agissements [du président] sont donc illégaux."**
>
> **"La Chambre de fonctionnaires et des Employés de l'État est la seule à devoir être consultée dans le cadre d'un projet de loi. Un syndicat n'a pas à être consulté. Une représentation du personnel n'a également pas à être consultée."**

Dës Interpretatioun vun der Regierung ass eng 180° Kéier zu deem wat mir kennen. Domat wier et illegal wann den SNPGL en Interview gett, illegal wann de SPAL eng Meenung zur Arméisreform ëffentlech äussert, illegal wann de groupement des magistrats den Conseil des juges européens em en Avis freet.

Dofir meng Froen un den Minister vum Ëffentlechen Déngscht:

- **Wat verstitt Dir ënnert dem Begrëff "Gewerkschaftsfräiheet am Ëffentlechen Déngscht"?**

- **Sidd Dir der Meenung datt eng sektoriell Gewerkschaft aus dem Ëffentlechen Déngscht all Moyenë vu Kommunikatioun muss opginn, am Fall wou de Minister si als sektoriell repräsentativ unerkennt?**
- **Ass dat nët eng Amëschung an d'Gewerkschaftlëch Fräiheet, déi vun der OIT Konventioun 151 am Ëffentlechen Déngscht garantéierte ass?**

Mat héijem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten